N° 6332
Reçue le 10.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.06.2022

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/06/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Interieur weiderzeleeden.**

Den 28te Mee huet an der Stad erëm den *ING Night Marathon* stattfonnt. Ewéi bei all groussem Event, hunn och hei Leit vum CGDIS an der Police fir d'Sécherheet vun de Leeferinnen a Leefer an den Zuschauer gesuergt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Policebeamte waren op der Plaz, fir de Marathon ofzesécheren?
2. Wéi vill Mann/Stonnen erginn sech heiraus fir d'Police?
3. Wéi vill Leit vum CGDIS waren op der Plaz, fir de Marathon ofzesécheren?
4. Wéi vill Mann/Stonnen erginn sech heiraus beim CGDIS?
5. Wéi vill Prozent vun de Käschte vun de Mann*Stonnen (50 Leit*8 Stonnen = 400 Mann*Stonnen) déi vun der Police geleescht goufen, si vum Organisateur iwwerholl ginn?
   Falls et keng 100 Prozent sollte sinn, wéi héich sinn d'Käschten, déi de Staat hei muss selwer droen?
6. Wéi vill Prozent vun de Käschte vun de Mann*Stonnen déi vum CGDIS geleescht goufen, si vum Organisateur iwwerholl ginn?
   Falls et keng 100 Prozent sollte sinn, wéi héich sinn d'Käschten, déi de Staat hei muss selwer droen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntwert vum Här Minister fir d'bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, a vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 6332 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet « Encadrement de l'ING Marathon »**

**Ad 1) et 2.):**
Aus evidente Sécherheetsgrënn kënne keng Detailer vun engem Sécherheetsdispositif vun der Police public gemaach ginn. Dëst ass eng operationell Informatioun a läit an der Décisiounsbefugnis vun der Police.

**Ad 3**
Nieft dem normalen Dispositif, dee souwisou all Dag an der Stad Lëtzebuerg an Ëmgéigend en place ass, hat de CGDIS fir den ING Marathon 243 zousätzlech Asazkräfte mobiliséiert (vum Logistiker bis zum Dokter). Donieft waren eng Rëtsch zousätzlech Moyenen an hirem Asazzenter (CIS) a Bereetschaft, dëst virun allem an de CISe ronderëm d'Stad.

**Ad 4**
D'Fraen a Männer vum CGDIS hunn am Kader vum Marathon 2.397 Stonne geleescht (34% duerch berufflech Mataarbechterinnen a Mataarbechter a 66% duerch Fräiwëlleger). Net matgezielt ginn hei déi Abberzuel u majoritär Fräiwëllegen, déi Bereetschaftsdéngscht an hirem lokale CIS gemaach hunn.

**Ad 5**
Eng intern Organisatioun tëscht den Unitéiten erméiglecht et, dass d'Polizisten de service op de verschiddene Plazen am Asaz kënne sinn. D'Iwwerstonnen, déi eventuell ufalen, ginn op d'respektiv Unitéite verbucht.

**Ad 6**
Opgrond vu sengem Taxereglement hat de CGDIS Gesamtkäschte vu ronn 26.000 Euro, déi zur Halschent vum Organisateur selwer bezuelt goufen. Den aneren Deel krut d'Stad Lëtzebuerg am Kader vun enger Demande de gratuité ugerechent. D'Taxereglement gesäit vir, dass d'Gemenge jäerlech bei Manifestatiounen (gestaffelt no Awunnerzuel) vun enger gewësser Gratuitéit vum Dispositif de secours vum CGDIS kënne profitéieren.

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX